N°8386
Entrée le 15.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Département des cultes

**Äntwert vum Kultusminister, Xavier BETTEL, an vun der Justizministesch, Sam TANSON, op d'parlamentaresch Fro n° 8386 vum 19. Oktober 2023 vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT.**

**Ad 1)**

Et ass net esou dass verschidde Reliounsgemeinschaften sech entscheet hunn eng Fondatioun ze ginn.

Den Artikel 10 dréckt aus, dass déi konventionéiert Reliounsgemeinschaften, als eegestänneg *personne juridique*, ënnert hirer Responsabilitéit, eng Fondatioun als eng separat eegestänneg *personne juridique* kënne constituéieren.

Vun de konventionéierte Reliounsgemeinschaften hu folgend eng Fondatioun constituéiert:

De Consistoire israélite huet d'*Fondation du judaïsme luxembourgeois* constituéiert (Groussherzoglechen Arrêté vum 11.09.2018); an

d'Shoura huet d'*Fondation Waqf* constituéiert (Groussherzoglechen Arrêté vum 28.01.2019).

Net konventionéiert Reliounsgemeinschafte kënne soss d'Form vun enger ASBL unhuelen, wann se dat wëllen.

Wei eng Form Reliounsgemeinschaften am Endeffekt unhuelen hänkt vu verschiddenen Faktoren of, wéi zum Beispill hiren Zieler, hirer Struktur an hire Bedierfnisser.

**Ad 2)**

Et dauert an der Moyenne 3-5 Wochen, vun deem Moment un, wou d'Demande komplett ass, bis dass de Justizministère eng Schenkung oder Ierfschaft iwwer 30.000 Euro un eng Reliounsgemeinschaft, déi als ASBL oder als Fondatioun constituéiert ass, autoriséiert, respektiv ofleent.

Den Delai ass ëmmer d'nämmlecht laang, onofhängeg dovun, ob d'Demande vun enger Fondatioun oder enger ASBL gemaach gëtt.

Lëtzebuerg, de 15. November 2023

De Kultusminister

(s.) Xavier BETTEL